I

Positiounspabeier

Beschloss um Landeskongress 2012.1

Thema:

Positiounspabeier vun der Piratepartei zum Fëmmverbuet

Problematik

En Haaptpunkt an der Diskussioun ëm d'Fëmmverbuet an de Bistroen ass de Schutz vun den Employéeën, déi entgéint de Clienten net de Choix hunn, ob se dat verfëmmte Lokal betriede wëllen. Well de Besëtzer sech selwer dozou entscheeden hir Lokaler zur Raucherzon ze erklären an d'Clienten op eege Gefor e Bistro betrieden, misst konsequenterweis all Bistro wat kee Personal ugestallt huet vum Fëmmverbuet ausgeklamert ginn.

Fuerderungen

Falls d'Gesetz iwwert e Fëmmverbuet a Bistroe gestëmmt gëtt, fuerdert d'Piratepartei Lëtzebuerg eng Ausnameregelung fir Familljebetriber déi di komplett Beleegschaft stellen. Heiduerch gesäit d'Piratepartei keng gesondheetlech Schiedegung vun onfräiwëllegen Drëtten duerch Passivfëmmen.

Als Familljebetrib gi Betriber ugesinn an deenen all Persoun vun der Beleegschaft mindestens 20% vun de Paren besetzt, ofgesi vun Aushëllefskräften.